Mäi léiwen Dicks, 't war déi Zäit och nët besser!

Ech sëtzen op der Terrass ënnert de Platane vun der Plëssdaarm (ech ka jo dat Wuert „Plëss" nët ausston, mä ech weess, d'Liddregkeet biergert sech ëmmer séier an), an ech komme mer vir, wéi um Haaptmaart zu Tréier oder beim Zockerschwanz zu Amsterdam. Ech sin hei eppes, wéi e Lëtzebuerger an der Vakanz, iirgendanzwousch, jhust nët doheem.

Ech réieren a méngem Kaffi, an 't fällt mer an, datt een hei nach virun e puer Joer där schwéierer, sëlwer Filtere krut. Mä 't as och soss sou muenches anescht gin, hei an dëser „fast food"-Gesellschaft, géint déi ech eng „fast Wut" hun.

Mä wat stéiere méng konservativ an nostalgesch Gedanken dat jonkt Gemëch, dat dofir ronderëm den Dicks an de Lentz op de betongs Träpplecke sëtzt an aus bleche Béckse Béier a Cola drénkt?

Ech gin zou, 't as méi Liewen an den Eck komm, deen se haut nët méi „beim Dicks-Lentz-Monument" nennen, mä „Square Jan Pallach". Ech hu jo näischt dergéint, mä dat hätten Dicks a Lentz sech bestëmmt nët dreeme gelooss, datt d'Lëtzebuerger an déi vu Prag sech nach eng Kéier sou no kéimen. Op de Kriepse Rob an den Zürns Frinn och u Prag an eis Keesere geduecht hun, wéi se dat Schëld opgehaangen hun; deemols, '68, wéi och d'Tscheche wollte bleiwen, wat se sin?

'T muss ee son, d'Monument stécht haut méi ervir. 'T war wäit rof komm, verkomm, gelldiirt! Lo, wou dem Dicks säin 100. Doudesdag as, a geschwënn och dem Lentz säin, do gesäit et nees no eppes aus.

Wëssen déi Jonk nach eppes iwwer déi Zwee? A wat , a wéivill? Vun den Auslänner mat hire Motorieder wëll ech jo guer nët schwetzen, mä vun „eisen", déi wäertes hei sëtzen ze léieren, ze fëmmen an ze gecksen. A wann den Dicks hinnen nach e Begréff as, wie kënnt nach wëssen, wéi dat deemols hei zougoung, wéi se d'Monument geplangt an opgeriicht hun? 'T as gläich e Jorhonnert hir, 't as kale Kaffi.

Ech réieren a méngem, mä dovu gët deen och nët méi waarm. Am sëlwer Filter, fréier, huet e sech méi laang gehalen.

„Gelt, Dicks", géif ech am léiwsten zu deem enge son, „dat has de der och nët erwaart, zesumme mam Lentze Misch ofgemoolt ze sin. Nodeems de him an déngem „Vollécksdichter" den Tëppel op den i gesat has. An sou gutt waart der jo och alt nët mateneen.

'T war vläicht an der Rei, datt et deemools sou goung, wéi et gaangen as; wéi d'„Gym" dir wollt e Monument setzen, mä wéi de Paul Eyschen iech sot, „wa schon e Monument, dann och fir de Lentz!". 'T war awer nët nëmmen, well deen och an der „Gym" war (hun se do eigentlech méi geturnt, oder méi Theater gespillt?), 't hat och nach eng aner Ursaach: Du weess et vläicht nët, mä de Paul Eyschen hat der deemools nach nët vergiess, datt s de säi Papp 1848, en halleft Jorhonnert virdrun, an déngem „Vulleparlament" „en ale Kueb" genannt has. En Denkmol fir dech eleng, dat hätt de Staatsminister nët verquësst.

Mä och mat dir wir nach en Hong ze plëmmen; a mam Lentz! Du waars wuel méi dichteg wéi deen, mä wéi as et da mam Rodange? Mat Nannetts Méchel?

Du hues e kannt, an de Lentze Misch huet e kannt. Ernimmt hut der en ni; opwuel en no iech gebuer an nach virun iech gestuerwen as. Dir hut esou guer säin Dout doutgeschwigen, wou hien iech dach awer allebéid a séngem „Renert" ernimmt! War en iech „nët gutt genuch"? Hut der allebéid gemaach, wéi d'Zeidongen déizäit, déi jo och näischt vum Rodange wësse wollten? Waars du wiirklech dat, wat s de dem Lentze Misch virgewoorf hues, nët ze sin: e Vollëksdichter, en Dichter vum Vollék, vun de klenge Leit?

Äärt Monument stoung well laang do, wéi se de „Fiisschen" op de Knuedler gesat hun: aachtanzwanzeg Joer! Du réischt war de Rodange eppes, well de Bech huet d'Ried gehalen. Gelt, hätt dir zwee du nach gelieft, da wärt der sécher och derbäi gewiescht! 'T weess ee jo, wéi dat as, an 't war deemools nët anescht wéi haut. Gutt, datt d'Geschicht, d'Zäit, muenches nees riicht béit!

Mä dat sin al Geschichten, loosse mer se rouen. Déi Jonk ronderëm iech zwee hun sou Saachen nach virun sech. A wann ech heinsdo engem „Guide" sou nolauschteren, wann en de Preisen oder de Japaner weismécht, dir zwee wärt eis zwee grouss Nationaldichter, da mëschen ech mech nët an; mir stitt der gutt, är Plaz hut der allebéid verdéngt.

Ech géif mer jo nach e „Greeche" bestellen – vläicht kënnt e vu Briedemes, mä dee portugiesesche Garçon weist sech nët; 't as lo décke Betrieb.

Kuck, och dat mam Jan Pallach, dat as och well geschwënn e véirels Jorhonnert hir. Wann ech dat jonkt Geméis do ronderëm de Bur géif froen, wien de Prager Jong do war, mengs de, se wéissten et? Ech froe léiwer nët. Ech géif deenen och nët méi déng Geschicht vum „Wëllefchen a vum Fiisschen" erzielen. Déi sin haut aner Saache gewinnt.

josy braun